Formulaire d'inscription / Anmeldeformular

☐ Cours: "Kreativ Sportspiller fir Erwuessener". **Datumer:** Donneschdes, 23. 02., 09.03., 16.03., 23.03., 30.03., 06.04. 2006, 9:30 - 11:00 Auer. *Et handelt sech heibäi ëm ee Cours, deen aus 6 Unitéite besteet, déi openeen ofgestëmmt sinn. Et ass also net méiglech een eenzelne Cours ze reservéieren.* **Public cible:** Männer a Fraen ab 30 Joer. **Délai fir d'Aschreiwung:** 21.02.06. **Bedeelegungskäschten:** 20 Euro. **Ort:** 1. Tennishal Scheierhaff, Zolwer.

☐ Workshop: "Ech sinn O.K.!" **Public cible:** Meedercher vun 10 Joer un. **Datum:** Dënschdes, 07.03.06 vu 16 - 18 Auer. **Délai fir d'Aschreiwung:** 06.03.06. **Bedeelegungskäschten:** keng. **Ort:** Haus "A Gadder", 10, rue de France, Bieles.

☐ Selbst-Sicherheits-Training für Frauen: Mehr Zufriedenheit und Ausstrahlung erreichen. **Termine:** Donnerstag, 30.03.06 von 19-21 Uhr; Samstag, 01.04.06 von 9-14 Uhr; Donnerstag, 06.04.06, von 19-21 Uhr; Samstag, 08.04.06 von 9-14 Uhr. *Dieser Kurs umfasst insgesamt 4 Kurseinheiten. Eine Anmeldung ist nur für alle 4 Termine möglich (und nicht für einzelne Tage), da die Einheiten aufeinander aufbauen.* **Anmeldefrist:** 15.03.06. **Preis:** 75 Euro. **Ort:** Haus "A Gadder", 10, rue de France, Beles.

☐ Weiterbildung für Fachpersonal: "Die Veränderung des Geschlechtsrollenverständnisses beim Übergang in die Elternschaft". **Zielgruppe:** Fachpersonal, wie z.B. Pädagog/innen, Psycholog/innen, Erzieher/innen, Berater/innen. **Datum:** Donnerstag, 04.05.06, von 9:00 bis 12:30 Uhr und 13:30 bis 16:00 Uhr. **Anmeldefrist:** 24.04.06. **Preis:** 20 Euro. **Ort:** Haus "A Gadder", 10, rue de France, Beles.

☐ Atelier: "Zäitmanagement". **Public cible:** Männer a Fraen. **Datum:** Donneschdes, 29.06.06, vun 8-12 Auer. **Délai fir d'Aschreiwung:** 14.06.06. **Bedeelegungskäschten:** 25 Euro. **Ort:** Haus " A Gadder ", 10, rue de France, Bieles.

☐ Babysitter-Formatioun. **Public cible:** Meedercher a besonnesch Jongen ab 16 Joer, Erwuessener. **Datumer:** 17.07. bis 28.07.06, vu Méindes bis Freides ëmmer moies vun 8:30 bis 11:30 Auer an 2 Mëtteger. **Délai fir d'Aschreiwung:** 03.07.06. **Bedeelegungskäschten:** keng. **Ort:** Centre Noppeney zu Déifferdeng.

☐ Atelier: "Wellness - Mol Anescht". **Public cible:** Fraen. **Datum:** Samschden, 18.11.06, vun 9-12 Auer. **Délai fir d'Aschreiwung:** 06. November 2006. **Bedeelegungskäschten:** 18 Euro. **Ort:** Haus "A Gadder", 10, rue de France, Bieles.

Les frais de participation sont à régler après la confirmation de participation.
Die Beteiligungskosten sind nach der Teilnahmebestätigung zu entrichten.

Prière de retourner cette fiche d'inscription au / *bitte dieses Einschreibeformular zurückschicken an:*

Service à l'Egalité des Chances, Mme Ruth Marchewka
Administration Communale de Sanem • B.P. 74 • L-4401 Belvaux
Tél.: 59 30 75 48 • Fax : 59 30 75 67 • e-mail: ruth.marchewka@ac.sanem.lu

Nom / Prénom: _____

Adresse: _____

_____

Tél. _____ E-mail: _____



SERVICE A L'**EGALITE** DES CHANCES
ENTRE **FEMMES** ET **HOMMES**
GEMENG **SUESSEM**

AKTIVITÉITEN 2006

COMMUNE DE SANEM

Service à
l'Égalité
des
Chances

Programm 2006 - Iwwersiicht:

Virwuert	Säit 3
Cours fir Fraen a Männer: "Kreativ Sportspiller fir Erwuessener" Februar-Abrëll 2006	Säit 4
Atelier fir Meedercher: "Ech sinn okay!" 07. Mäerz 2006	Säit 5
Table ronde: "Lëtzebuerger Top-Sportlerinnen" 08. Mäerz 2006	Säit 6
Cours fir Fraen: "Selbst-Sicherheits-Training: Mehr Zufriedenheit und Ausstrahlung erreichen" Mäerz -Abrëll 2006	Säit 7
Konferenz: "Eltern werden - Liebespaar bleiben" 03. Mee 2006	Säit 8
Formatioun fir Fachpersonal: "Die Veränderung des Geschlechtsrollenverständnisses beim Übergang in die Elternschaft" 04. Mee 2006	Säit 9
Atelier fir Fraen a Männer: "Zäitmanagement" 29. Juni 2006	Säit 10
Babysitter-Formatioun - Juli 2006	Säit 11
Konferenz fir Meedercher, Jongen Fraen a Männer: "Troubles alimentaires: Anorexie, Boulimie" 03. Oktober 2006	Säit 12
Konferenz fir Fraen a Männer: "Sexualität im dritten Lebensalter" 18. Oktober 2006	Säit 13
Atelier fir Fraen: "Wellness mol anescht" 18. November 2006	Säit 14
Wat dëst Joer scho geschitt ass...	Säit 15

D'Joer 2006 steet am Service à l'Égalité des chances entre femmes et hommes vun der Gemeng Suessem ënnert dem Thema

"Gesond a gläichberechtegt Fraen a Männer"

Mir invitéieren Iech op eng Vielfalt vu Konferenzen, Atelieren, Seminären a Formatiounen fir all Altersgruppe vun eiser Populatioun. D'Zil vun dëser Campagne ass fir langfristeg méi Bewosstsinn fir Gesondheet a Gläichberechtegung vu Fra a Mann ze erreechen. *"Mens sana in corpore sano"* - Gläichberechtegung huet als Viraussetzung, dass Fraen a Männer eng gutt Relatioun mat hirem eegene Kierper hunn.

Mir bidden Iech Aktivitéiten un zu Themen wéi Sport, Zäitmanagement, Selbstsécherheet, Wuelfillen, Babysitting, Gesond Iessen a Sexualitéit. Een Deel vun eisem Programm 2006 ass eng Konferenz an eng Formatioun iwwert Kommunikatioun an der Koppel - speziell no der Gebuert vun engem Kand.

Mir wëlle **präventiv** handelen: eng besser Kommunikatioun an der Koppel kann hëllefen fir Scheedungen ze evitéieren. Schoul-Projeten, wéi z.B. eise grousse Projet "Zesumme si mir staark" bréngen d'Thema Gläichberechtegung op eng lieweg Manéier an d'Schoul. Dass eis Kanner an eis Enseignanten engagéiert a begeeschtert sinn, mierkt een eleng schon dodrun, dass sech 52 Klassen ugemellt hunn.

Mir wëlle **lokal a regional** handelen, dowéinst hu mir eng Parti Aktivitéiten an Zesummenaarbecht mat anere Servicer an Organisatiounen aus dem Süden organiséiert.

An der ganzer Welt gëtt den 08. Mäerz den Internationale Fraendag gefeiert. Dësen Dag steet 2006 an eiser Gemeng ënnert dem Motto **"Staark & gesond Meedercher a Fraen duerch gesond Virbiller"**

An dësem Kontext organiséiere mir eng Table ronde mat Lëtzebuerger Top-Sportlerinnen den 08. Mäerz a freeën eis op d'Participatioun vum Tessy Scholtes, Danièle Kaber, Liz May, Simone Kayser a Fleur Maxwell, déi Fraen encouragéieren fir Leeschtungssport ze maachen a Succès um internationale Plang unzestriewen. Zousätzlech bidde mir en Atelier fir Meedercher u mam Titel "Ech sinn o.k.!"

Un der Gläichberechtegung tëscht Mann a Fra a Gesondheet si mir alleguer bedeelegt. Jidferee ka säin Deel bäidroen. Mir géifen eis freeë fir Iech bei eisen Aktivitéite begréissen ze dierfen a wënschen Iech alles Guddes a vill Gesondheet am Joer 2006.

Ruth Marchewka
Chargée à l'Egalité des chances
entre femmes et hommes

Georges Engel
Bourgmestre

An dësem Cours gëtt jidderee gebraucht, fir dass eise Grupp fonctionnéiert an dass mir alleguer zesummen, ouni Leeschtungsdrock, eng ganz Rei vu kreative Sportspiller kënnen erliewen. Dës Spiller, och nach "New Games" genannt, sinn eng Alternative zu den traditionelle leeschtungsorientéierte Sportaarten. D`Zil hei ass haaptsechlech de Spaass, mee och d´Kommunikatioun an den Ofbau vu sozialen Hemmschwellen steet hei am Mëttelpunkt. Esou léiert dir och är Stäerkten a Grenze besser kennen, wat ganz wichteg ass fir eng gesond Selbstsécherheet ze kréien. Sportlech oder manner sportlech, mir motivéieren eis géigesäiteg.

Inhalter:

- Spiller fir sech kennenzeléieren
- Geschecklechkeetsspiller
- Warm-up/ Dehnungsübungen
- Ballspiller
- Reactiounsspiller
- Entspaanungsübungen

Am Kader vun der SEC Campagne 2006
"Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer":

Kreatif Sportspiller fir Erwuessener

Kreativ Sportspiller, déi soziale Kontakt a Selbstsécherheet stäerken

Animatrice:
Mylène Philippy, Animatrice de Sport-Loisir

Public cible: Männer a Fraen ab 30 Joer

Datumer: Donneschdes, 23. 02., 09.03., 16.03., 23.03., 30.03., 06.04. 2006
Dauer: 9:30 - 11:00 Auer

Et handelt sech heibäi ëm ee Cours, deen aus 6 Unitéite besteet, déi openeen ofgestëmmt sinn. Et ass also net méiglech een eenzelne Cours ze reservéieren.

Délai fir d'Aschreiwung: 21.02.06
Bedeelegungskäschten: 20 Euro
Sprooch: Lëtzebuergesch (expl. och op Franséisch)

Ort: 1. Tennishal Scheierhaff zu Zolwer
(Sous-sol vum Restaurant Bella Bari)

Am Kader vum Internationale Fraendag an der SEC Campagne "Staark & gesond Meedercher a Fraen duerch gesond Virbiller" an Zesummenaarbecht mat der Commission à l'Égalité des chances entre femmes et hommes vun der Gemeng Suessem

"Ech sinn O.K. !"

e Workshop fir Meedercher vun 10 Joer un.

Mengs du och heiansdo, mat dir géif eppes net stëmmen? Däi Kierper verännert sech, du fills dech heiansdo sou komesch, fënns dech net schéin, du weess net obs du gutt ukënns, ...

Du wäerts gesinn, deenen anere Meedercher an dengem Alter geet et net vill anescht.

Op eng flott an onkomplizéiert Manéier beschäftege mir eis mat Themen ewéi:

- wéi kann ech verstoen, wat a mir virgeet?
- wéi kann ech mech a mengem Kierper sou richteg wuelfillen?
- wéi soll oder muss e Meedchen oder eng Fra dann eigentlech sinn, fir gutt an akzeptéiert ze sinn?
- ...

Animatrice:
Rolande Fellerich, Dipl.Pädagogin a Beroderin

Public cible: Meedercher vun 10 Joer un

Datum: Dënschdes, de 7. Mäerz 2006

Dauer: 16:00 bis 18:00 Auer

Délai fir d'Aschreiwung: 21.02.06

Bedeelegungskäschten: keng

Sprooch: Lëtzebuergesch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, zu Bieles

Danièle Kaber

Liz May

Simone Kayser-Diederich

Tessy Scholtes

Fleur Maxwell

Am Kader vum Internationale Fraendag 2006 an der Campagne "Staark & gesond Meedercher a Fraen duerch gesond Virbiller" organiséiert de Service à l'Égalité des chances entre femmes et hommes an Zesummenaarbecht
mat der Commission à l'Égalité des chances
a mat der Commission des Sports
vun der Gemeng Suessem eng

Table ronde:

"Lëtzebuerger Top-Sportlerinnen"

D' Zil vun dëser Table ronde ass, Frae fir de Sport am allgemengen ze begeeschteren an se ze motivéieren eng Sportlerinnecarrière a Succès op internationalem Plang unzestriewen.

Inviteeën:
Danièle Kaber (Liichtathletik)
Simone Kayser-Diederich (Marathon des Sables)
Fleur Maxwell (Äiskonschtlaf)
Liz May (Triathlon)
Tessy Scholtes (Karate)

Gefrot ginn dës Leeschtungssportlerinnen ënnert anerem iwwert hiren Emploi du temps an iwwert hir Succès-Strategien.

Froe vum Publikum si selbstverständlech erlaabt.

Moderatioun:
Tania Smaniotto

Public cible:
Meedercher a Jongen, Männer a Fraen

Datum:
Mëttwoch, den 08.03.06

Dauer:
vun 19:30 bis 21:00 Auer

Délai fir d'Aschreiwung: keen

Den Entrée ass gratis

Sprooch: Lëtzebuergesch

Kultur- a Geschichtshaus
" A Gadder ",
10, rue de France, Bieles

Am Kader vun der SEC Campagne 2006
"Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer":

Selbst-Sicherheits-Training: Mehr Zufriedenheit und Ausstrahlung erreichen

Frauen unterschätzen häufig ihre sozialen Qualitäten und Kompetenzen; sie wünschen sich des öfteren mehr Selbstvertrauen im eigenen (Berufs)-Alltag.

Seminarziele sind, die persönlichen Ressourcen stärker zur Geltung zu bringen, mehr Selbstbewusstsein sowie mehr Selbstvertrauen in die eigenen Stärken zu entwickeln. Im Seminar werden kommunikative Strategien vermittelt, wie frau z.B. verbale Attacken sicher abwendet, es werden Strategien zur Stressbewältigung vermittelt und jede Menge praktischer Selbst-Sicherheits-Übungen angeboten.

Methoden: Kurzvorträge, aktive Beteiligung der Teilnehmerinnen in Kleingruppen, Rollenspiele, Übungen, Malen, Tanzen, Erfahrungsaustausch, Körperarbeit, Praxistransfer.

Referentin:
Barbara Gemnich, Soziologin;
(Gender)-Trainerin für Rhetorik & Kommunikation

Zielgruppe: Frauen

Datum und Dauer:
30. März 2006 von 19-21 Uhr
01. April von 9-14 Uhr
06. April, von 19-21 Uhr
08. April von 9-14 Uhr.

Dieser Kurs umfasst insgesamt 4 Kurseinheiten. Eine Anmeldung ist nur für alle 4 Termine möglich (und nicht für einzelne Tage), da die Einheiten aufeinander aufbauen.

Anmeldefrist: 15.03.06
Preis: 75 Euro
Sprache: Luxemburgisch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, in Beles

Am Kader vun der SEC Campagne 2006 "Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer" - an Zesummenaarbecht mat der Eltereschoul Janusz Korczak, der Initiativ Liewensufank an der Commission à l'Égalité des Chances entre femmes et hommes vun der Gemeng Suessem

Konferenz:

ELTERN WERDEN - LIEBESPAAR BLEIBEN

DAS KLEINE 3 X 3 FÜR EINE GLÜCKLICHE PARTNERSCHAFT MIT KIND

Ein vergnüglicher und interessanter Vortrag

So hatte ich mir das nicht vorgestellt…
In Deutschland, beispielsweise, lassen sich 41% aller verheirateten Paare, die gerade noch voller Hoffnung in eine gemeinsame Zukunft geblickt haben, scheiden. Besonders bei jungen Eltern weiten sich banale Alltagskonflikte, ehe Sie es sich versehen, zu riesengroßen Problemen aus. Liebe, Lust und Leidenschaft bleiben auf der Strecke und das erwartete Glück mit der Geburt des Kindes will sich nicht einstellen.

Das kleine 3 x 3 für eine glückliche Partnerschaft mit Kind erklärt auf verständliche und vergnügliche Weise die komplexen Zusammenhänge, die zu einer Krise in der frühen Elternschaft führen können und fasst sie in die drei großen Bereiche "Ich" , "Du" und "Wir" zusammen. Dabei sind die daraus resultierenden Veränderungsvorschläge so angelegt, dass sie ganz unabhängig vom jeweiligen Partner durchgeführt werden können. Eltern müssen also nicht noch zwischen Kind und Kegel spezielle Gesprächszeiten miteinander vereinbaren und diese nach strengen Regeln einhalten, sondern sie können nach diesem Vortrag einfach loslegen und schauen, was passiert…

Referentin:
HELEN MAJA HEINEMANN, Diplom-Sozialpädagogin, Gestalttherapeutin, Mutter von 4 Kindern, Autorin u.a. von "Eltern werden - Liebespaar bleiben"

Zielgruppe: Frauen und Männer

Datum: Mëttwochs, den 3. Mee 2006

Dauer: 19:00 Auer

Eine vorherige Anmeldung ist nicht erforderlich

Der Eintritt ist frei

Sprache: Deutsch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, in Beles

Am Kader vun der SEC Campagne 2006
"Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer"
an Zesummenaarbecht mat dem
Service à l'Égalité entre femmes et hommes
vun der Gemeng Beetebuerg
an dem Service à l'Égalité des chances entre
femmes et hommes vun der Gemeng
Déifferdeng, der Gemeng Diddeleng an der
Gemeng Schëffleng

Formatioun fir Fachpersonal:

"Die Veränderung des Geschlechtsrollen-verständnisses beim Übergang in die Elternschaft - Emanzipatorische Beratung unter besonderer Berücksichtigung der Gleichstellung von Mann und Frau"

Programm

- Informationen zu den Veränderungen des Geschlechtsrollenverständnisses beim Übergang in die Elternschaft und den daraus entstehenden besonderen Belastungen in der Partnerbeziehung.
- Einführung in das unterschiedliche Kommunikationsverhalten von Männern und Frauen und in die Hintergründe bei der Entstehung von Konflikten.
- Methoden der Gesprächsführung und der lösungsorientierten Beratung bezogen auf die Gleichstellung der Geschlechter in der Elternrolle.

Referentin:
HELEN MAJA HEINEMANN, Diplom-Sozialpädagogin, Gestalttherapeutin, Mutter von 4 Kindern, Autorin u.a. von "Eltern werden - Liebespaar bleiben"

Zielgruppe:
Fachpersonal, wie z.B. Pädagog/innen, Psycholog/innen, Erzieher/innen, Berater/innen

Datum: Donnerstag, 04. Mai 2006

Dauer: 9:00 bis 12:30 Uhr und 13:30 bis 16:00 Uhr

Anmeldefrist: 24. April 2006

Preis: 20 Euro

Sprache: Luxemburgisch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, in Beles

Sënnvoll plangen, mech gutt organiséieren fir Zäit ze gewannen a meng Aarbecht efficace ze gestalten sinn d'Ziler vum Zäitmanagement. Dëse Workshop gëtt de Participant-e-s d'Méiglechkeet iwwer hir perséinlech Zäitgestaltung nozedenken an hir Fähegkeeten an deem Beräich ze erkennen a weider ze entwéckelen.

1. **Ziler**
- Mäi perséinleche Stil a meng Schwieregkeeten am Ëmgang mat der Zäit erkennen
- Strategien vum Zäitmanagement kenne léieren
- Meng perséinlech Efficacitéit verbesseren an dobäi Zäit fir mech behalen

2. **Inhalter**
- Analyse vu mengem individuellen Zäit-managementstil
- Erkenne vun Zäitdéiwen a Stressursaachen
- Entwécklung vu Strategien, déi ugepasst sinn u meng Aktivitéiten
- Opstelle vun engem individuellen Aktiounsplang

Methoden: Interaktiv Methoden, Ofwiesslung tëschent Theorie, Reflexioun a prakteschen Exercicen, individuell an am Grupp.

Am Kader vun der SEC Campagne 2006
"Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer":

Workshop: Zäitmanagement

Formatrice: Arlette Err, diploméiert Psychologin

Public cible: Fraen a Männer

Datumer: Donneschdes, 29. Juni 2006

Dauer: 8:00 - 12:00 Auer

Délai fir d'Aschreiwung: 14. Juni 2006

Bedeelegungskäschten: 25 Euro

Sprooch: Lëtzebuergesch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, zu Bieles

De Service à l'Egalité des Chances entre Femmes et Hommes vun der Gemeng Déifferdeng organiséiert an Zesummenaarbecht mam Service à l'Egalité des chances entre femmes et hommes vun der Gemeng Suessem

Babysitter-Formatioun

Contenu:

- Introduction: les domaines d'intervention, les buts et les limites du baby-sitting
- Développement de l'enfant
- Styles d'éducation
- Staark Meedercher, staark Jongen
- visite crèche / foyer scolaire
- Techniques de loisirs
- Notions de soins et d'hygiène
- Communication
- Notions de premiers secours
- Responsabilité civile
- présentation d'une activité

Public cible:
Meedercher a besonnesch Jongen ab 16 Joer, Erwuessener

Datumer: 17. Juli bis 28. Juli 2006

Dauer:
vu Méindes bis Freides ëmmer moies
vun 8:30 bis 11:30 Auer an 2 Mëtteger

Délai fir d'Aschreiwung: 03.07.2006

Bedeelegungskäschten: keng

Sprooch: Lëtzebuergesch

Ort: Centre Noppeney zu Déifferdeng

Am Kader vun der SEC Campagne 2006
"Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer"
an Zesummenaarbecht mat der Commission
à l'Égalité des chances entre femmes et hommes
vun der Gemeng Suessem

Konferenz

TROUBLES ALIMENTAIRES: ANOREXIE, BOULIMIE

D'Danièle Maraite, Diplom-Psychologin am Planning Familial hält en Informatiounsowend iwwert Iessstéierungen an erkläert fir wat ëmmer méi Mënschen, an haaptsächlech Fraen, aus allen Altersgruppen, enorm Problemer hunn am Ëmgank mam Iessen a mat hierem Kierper.

Verschidde wichteg Froe ginn ugeschwat:

- Wat ass eng Iessstéierung?
- Wéi manifestéiere sech Iessstéierungen?
- Wat dreift ee Mënsch dozou den eegene Kierper ze zerstéieren?
- Wéi sinn d'Heelungschancen?

Froe vum Publikum si selbstverständlech erlaabt.

Conférencière:
Danièle Maraite, Diplom-Psychologin am Planning Familial Lëtzebuerg

Public cible: Jugendlecher an Erwuessener

Datumer: Dënschdes, 03. Oktober 2006

Dauer: vun 19:00 bis 20:30 Auer

Délai fir d'Aschreiwung: keen

Den Entrée ass gratis

Sprooch: Lëtzebuergesch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, zu Bieles

Am Kader vun der SEC Campagne 2006 "Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer" an Zesummenaarbecht mat der Commission à l'Égalité des chances entre femmes et hommes vun der Gemeng Suessem

Konferenz:
SEXUALITÄT IM DRITTEN LEBENSALTER

Über den Umgang mit Sexualität im Alter

Wir werden nicht nur älter, auch unsere Vorstellungen vom Altern verändern sich.

Die Sichtweise ist nicht mehr nur negativ. Wir können das Alter positiv als eine weitere Lebensphase mit neuen Möglichkeiten und Aufgaben sehen.

Dazu gehört natürlicherweise auch die Veränderungen in unserer Sexualität. Sexualität verstanden als eine umfassende Lebensäußerung, als Lebensenergie, die in allen Phasen des menschlichen Lebens körperlich, seelisch und geistig wirksam ist.

Diesem spannenden Thema sich anzunähern, in Vortrag und Gespräch, soll an diesem Abend Gelegenheit sein.

Inhalte:

- Liebe und Sexualität im Alter
- Der Körper verändert sich
- Probleme mit der Sexualität
- Bedeutung der Partnerbeziehung

Referentin: Andrea Lehnart, Dipl.Psychologin und Psychotherapeutin, Planning Familial Luxemburg

Zielgruppe: Offen für Frauen und Männer !!

Datum: Mittwoch 18.10.2006

Dauer: von 19.30 Uhr bis 21.00 Uhr

Eine vorherige Anmeldung ist nicht erforderlich

Der Eintritt ist frei

Sprache: Deutsch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, in Beles

Am Kader vun der SEC Campagne 2006
"Gesond & gläichberechtegt Fraen a Männer"

Atelier
WELLNESS - MOL ANESCHT

3 Stonne Wuelfillen fir Fraen

Famill, Kanner, Partner, Beruff, Stood, Fräizäit - Verpflichtungen, Verantwortungen, d'Hänn voll Aarbecht an de Kapp voll Gedanken a Suergen…

A wou bleift meng Liewensloscht ?
Zäit fir mech,
Zäit, zur Rou ze kommen
entspanen, lassloossen, un näischt denke missen
einfach sech selwer sinn a sech wuelfillen!

Den Alldag deet eis dat oft vergiessen. Heiansdo verléiere mir et esouguer ganz, an denken nach just wehmüteg un esou schéi Momenter zeréck. Oder mir mengen, mir bräichten et net oder hätte kee Recht méi drop: dat ass eben esou.

Dat kann dach net sinn!
An dat soll och net esou sinn!!
An dësem Seminar gi mer eis dat "vergiessent" oder "verluerent" Wuelfillen erëm sichen, a mir léieren, wéi mer et an eisen Alldag kënnen abauen.

Formatrice: Nicole Hentzen, Dipl. Psychologin

Public cible:
Dëse Seminär riicht sech u Fraen, déi voll am Liewe stinn, wéi een esou schéi seet, mat oder ouni bezuelte Beruff, an dobäi vergiesse selwer ze liewen.

Datumer: Samschden, 18. November 2006

Dauer: vun 9:00 bis 12:00 Auer

Délai fir d'Aschreiwung: 06. November 2006

Bedeelegungskäschten: 18 Euro

Sprooch: Lëtzebuergesch

Ort: Haus "A Gadder", 10, rue de France, zu Bieles

Bequem Kleedung undinn a wa méiglech eng Matt oder eng Decken a waarm Strëmp matbréngen

WAT DËST JOER SCHO GESCHITT ASS…

Weitere Informationen erhalten Sie gerne bei
Ruth Marchewka
Gleichstellungsbeauftragte
Service à l'Égalité des chances
entre femmes et hommes
Rathaus der Gemeinde Sanem
B.P. 74 • L-4401 Beles
Tel.: 59 30 75 48 • Fax: 59 30 75 67
e-mail: ruth.marchewka@ac.sanem.lu

Vum 30.01. bis den 17.02.06 huet de Service à l'Égalité des Chances entre femmes et hommes vun der Gemeng Suessem de Schoul-Projet "Zesumme si mir staark!" organiséiert. Hei derbäi de Presse-communiqué, den erausgeschéckt gouf fir iwwert de Projet ze informéieren:

"Gleichstellung" lebendig in den Schulalltag bringen:
Projekt der Gemeinde Sanem:
"Zesumme si mir staark!"

Beles. 25.01.06. Große Resonanz erhalten die vom Service à l'Égalité des Chances entre femmes et hommes der Gemeinde Sanem organisierten Workshops "Zesumme si mir staark", an denen insgesamt 52 Grundschulklassen teilnehmen werden. Die Workshops im Rahmen der Kampagne "Gesond a gläichberechtegt Fraen a Männer" werden vom 30. Januar bis 17. Februar 2006 in den Grundschulen der Gemeinde Sanem stattfinden. Teilnehmen werden Schülerinnen und Schüler des 1. bis 6. Schuljahrs. Das Projekt beabsichtigt, sowohl Mädchen als auch Jungen zu stärken und das Thema "Gleichstellung" auf lebendige Art in den Schulalltag einzubringen. Die Diplom-Pädagogin Rolande Fellerich wird die Kurse halten; sie hat vielfältige Erfahrung in der Arbeit mit Kindern und Jugendlichen. Workshopsprache ist Luxemburgisch.

Ziele der Workshops sind Unterschiede und Gemeinsamkeiten kennen zu lernen, sich als Mädchen und Jungen besser verstehen zu lernen, die unterschiedlichen Eigenschaften gemeinsam zu nutzen, die Kooperation zu fördern, das Klassenklima zu verbessern, und, im Hinblick auf die Zukunft, die Förderung einer gesunden und gleichberechtigten Partnerschaft zwischen Frauen und Männern anzustreben. Denn schon früh stellen Jungen und Mädchen fest, dass das andere Geschlecht "irgendwie anders" ist. Je nach Alter kommen sie besser oder schlechter miteinander klar. Dass Verschiedenartigkeit nicht nur Konflikte mit sich bringt, sondern auch ganz viele Chancen auf Austausch und Ergänzung in sich birgt, möchten diese Workshops anhand von verschiedenen Übungen und Spielen zeigen.